eng KLACK fir eis SPROOCH 28. Joer Nr. 275

20, Conter-Strooss – L-5955 Izeg
Tel. 47 06 12
E-Mail: actioun@letzebuergesch.lu
lexroth@pt.lu
http://www.actioun-letzebuergesch.lu
Cotisatioun: 15 €
CCPL LU75 1111 0066 4448 0000
BCEE LU52 0019 1000 7250 4000

Comité a Redaktioun:
BACHE Claude (President), ROTH Lex (Vize-President a Redaktioun), KAELL Patrick (Sekretariat), WEIDIG Tom (Finanzen), ATTEN-HAAG Mariette, EHLERINGER Patrick, KLEIN Alexis, MORARU Clara, SCHMIT-LEHNERTZ Suzette, STAMMET Jean-André, WEBER Vic an ZEIEN François (Memberen)

Nächst Klack (Nr. 276): Samschdes, de 4. Dezember 2021

# Dat huet gebonn*!

## Dee schéinste Cadeau fir der Actioun-Lëtzebuergesch hir 50 Joer!

vum Lex Roth



Et heescht jo, <endlech> wier net éiweg; et kann ower laang daueren! **Mir sinn elo zënter ronn 25 Joer dohannert,** fir eis Sprooch an d'Constitutioun/Verfassung ze kréien. Ower wéi huet dat dann ‚ugefaang'? Ganz inoffiziell ass et 1996 bei enger ‚Spadséierche' mam Schoulkomerod Willy Bourg am Märeler Park ugaang. De gudde Willy (†2003) huet säi Wuert gehal an d'Chamber mat enger schrëftlecher Ufro op de Spronk bruecht. An deem Schwonk guffe mir **vun der Actioun-Lëtzebuergesch och fein vu eisen Haaptparteien** empfaang, nodeem de Verfassungs-Spezialist Paul-Henri Meyers d'Saach dann an d'Hand geholl huet.

D'Sprooch vum Land gehéiert nun emol zu de Fong-Elementer vun der Existenz vun engem souveräne Staat – grad esou vun EISEM – deen och déi néideg **Zeechen (Emblemen) dofir huet: d'Nationalfaarwen, de Wopen, d'Nationallidd... an d'SPROOCH!** Dat huet och de Staatsminister Jacques Santer sech sengerzäit un d'Häerz gehol, an e Gesetz preparéiert, dat eis Chamber nom **Sprochgesetz vun 1984 gestëmmt huet,** dat mir dem Premier Pierre Werner souzesoen ‚ofgegotzelt' haten, eng logesch Saach. All deenen Elementer hire Stack gëtt elo (wéi an anere Länner!) deen neien Artikel an eiser Constitutioun. Legal/juristesch ass et zwar herno keen Ënnerscheed tëscht der absolutter Majoritéit an der Chamber oder der Wiel vum Vollek iwwer e Referendum; et hätt een ower vläicht e bessert Gefill, wann **d'Lëtzebuerger Vollek, als héchste Souverän,** seng Sprooch iwwer e Referendum gestëmmt hätt. Ower wéi sot de Kanzler Kohl: *Wichtig ist, was hinten 'rauskommt!*

D'Actioun-Lëtzebuergesch ass op jidfer Fall houfreg, datt hirt joerelaangt Gewudders e sympathescht a wichtegt Resultat fir eist Land an alleguer déi kritt, deene mir et verierwen!

Mir hu bei eiser Feier och nach déi houfreg Geleeënheet, fir un **den 80. Gedenkdag (10. Oktober 1941)** ze erënneren, wou d'Lëtzebuerger dem Nazi-Preis op hir Manéier de Kapp gewisen – dohinner gehal! – hunn, an dat ë.a. mat eiser Sprooch, wouduerch si praktesch an definitiv hiren ‚Adelsbréif' krut.

Haut steet si do wéi nach ni: gesetzméisseg, an der normaler Praxis, an der Literatur. Dat ass mat Sécherheet och **e Verdéngscht vun eiser Actioun-Lëtzebuergesch,** vun hire Leit aus dem Comité, hiren treie Membren an all deenen, déi gehollef hunn, aus deem klenge ‚Piedchen' am Sënn vum Ausdrock eng breet ‚Land-Strooss' ze maachen.

* Gebonn = laang gedauert

# Nach EISES…fir ze iwwersetzen?

Den Andy hat se séier alleguer erëm.
Gëff dech mat dengem topege Gebraddels.
Bratzele si gutt op gebootschte Gromperen.
Ech glëschteren eng Bouneschlupp mat Gestécks .
Brockelcher sinn eppes wéi butzege Kabes.
Stoffi muss e bësse gehäerzt sinn.
Beim Patt gëtt e sëlleche geschnësst.
De Pitt ass e gelungene Borscht.
Schléi Wäsch verfénkelt nawell gär.
De Jang huet en décke Koz erausgepiddelt.
Strëmp guffe mat véier Stréckeisen erstëmpt.
Du hues Schubber an der Akaul.
Maach dech dach net esou.
Wann et dech bäisst, da bäiss erëm!
De Will hippt a geet fatzeg schlamm.
D'Luucht ass zou an et ass ferm bronkeg.
Et gëtt e Wieder, et huet ewell gerubbelt.
Mat all deem Gedéngels hunn ech mech elo gestouss.
Ech kumm net méi hannerzeg an net méi vijenzeg.
Wat braddels du fir e Kabes!

* Wéi versprach, bréngе mir elo an all KLACK 20 deer Beispiller fir sech ze wonneren... a vläicht emol ze ‚iwwersetzen'.

# 50 Joer ACTIOUN LËTZEBUERGESCH

## Akademesch Sëtzung « 50 Joer fir eis Sprooch »

en Donneschdeg,

**25. November 2021**

um 19.00 Auer an der Nationalbibliothéik
37D, avenue John F. Kennedy an der Stad

*Begréissung duerch de President vun der AL Claude Bache*

*Felicitatiounen un d'AL vum Minister Claude Meisch*

*„Wéi koum et zur Grënnung vun der AL?“*
*E Gespréich vum Luc Marteling mam Lex Roth*

*Réckbléck op 50 Joer AL mam Monique Hermes*

*„D'Promotioun vum Lëtzebuergeschen haut“*
*mam Kommissär fir d'Lëtzebuerger Sprooch Marc Barthelemy*

*„D'Aufgaben an d'Zukunft vun der AL“*
*E Gespréich vum Luc Marteling mam President vun der AL Claude Bache*

*Iwwerreechung vun der Plaquette „Dicks-Rodange-Lentz“ am Gold*
*un den Alain Atten*

Et muss ee sech am Viraus an der Nationalbibliothéik umellen
ënner www.reservation.bnl.lu

*Musikalesch gëtt d'Feier encadréiert vum Lokal-Ensembel vun der Chorale Éinen*

D'Feier gëtt als COVID check.lu Evenement organiséiert. Den Entrée ass fräi.

## Lëtzebuerger Dag op dem Schëff M.S. Princesse Marie-Astrid

e Samschdeg

**27. November 2021**

vun 11.00 bis 16.00 Auer
Embarquement zu Gréiwemaacher
D'Schëff fiert fort géint 12.00 Auer

*Begréissung duerch de President vun der AL Claude Bache*

*Réckbléck op 50 Joer AL mam Monique Hermes*

*„D'AL an eis Sprooch ... zënter 1971“ mam Lex Roth*

*Fir wat steet d'AL haut – Wie si mir a wat wëlle mir?*

*Iwwerreechung vun der Plaquette „Dicks-Rodange-Lentz“ am Sëlwer*

*u Wikimedia Lëtzebuerg a.s.b.l.*

Aperitif & Kale Buffet „Sou schmaacht Lëtzebuerg“ & Gedrénks

Wien un der Feier deelhuele wëllt, muss de Montant vu 50,- € op de Kapp (Iessen, Gedrénks a Faart mam Schëff abegraff) bis spéitstens den 20. November 2021 iwwerweisen op de Kont BCEELULL IBAN LU52 0019 1000 7250 4000 vun der AL. D'Iwwerweisung gëllt als Umellung.

*Musikalesch gëtt d'Iessen encadréiert vum Orchester „Blue Stars“*

D'Feier gëtt als COVID check.lu Evenement organiséiert.